N°7909
Entrée le 20.04.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 20.04.2023

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 20. Abrëll 2023

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Inneministesch weiderzeleeden:

*„An der Press war rezent ze liesen, dass et op Ouschtersonndeg tëschent Miersch an Angelsbierg zu engem schroe Verkéiersaccident komm ass. E SAMU-Gefier vum Rettungsdéngscht ass am Asaz op d'Géigefuerbunn geroden an ass dunn an een anert Gefier gerannt.*
*An der Press gëtt weider gemellt, datt de Chauffer vum SAMU e Stagiaire gewiescht wier, dee säi Führerschäin zanter engem Mount gehat hätt.*
*D'Equipe am SAMU setzt sech normalerweis aus engem Infirmier an aus engem Dokter zesummen, wärend eng Ambulanz vun zwee Secouristen a vun engem Stagiaire vum CGDIS besat ass.*

*An deem Kader wollt ech der Madamm Inneministesch folgend Froe stellen:*

- *Kann d'Madamm Ministesch d'Informatiounen aus der Press confirméieren?*
- *Huet d'Madamm Ministesch weider Informatiounen zu dësem Accident an zu sengen Ëmstänn?*
- *Ween dierf am Prinzip op engem SAMU fueren? Ass dat och Leit erlaabt, déi nach am Stage vum Führerschäin sinn?*
- *Wéi gesäit déi genee Reegelung aus, fir Rettungsween vum CGDIS dierfe mat der bloer Luucht ze fueren?“*

Mat déiwem Respekt,

Gusty GRAAS
Deputéierten